LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

Direction de la protection des
consommateurs

Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Konsumenteschutz a **vum Minister fir Wirtschaft, PME,** Energie an Tourismus op d'parlamentaresch Fro n° 3442 vum 12. Janaur 2026 vum Här Deputéierte Sven Clement.

1. Wéi bewäert d'Ministesch d'Legalitéit vu sougenannten "Duebel-Präis-Systemer" (Residentë vs. Net-Residenten) am Liicht vum europäesche Verbraucherrecht an dem Diskriminéierungsverbuet am Bannemaart?

De Code de la consommation verbitt net, dass e Professionelle verschidde Präisser fir verschidde Clients-Segmenter ubitt, esou laang dës Präisser am Virfeld transparent, verständlech a kloer kommunizéiert ginn.

Allerdéngs ass et richteg, dass den Artikel 20 aus der EU Direktiv iwwer d'Servicer[1] eng Diskriminatioun op Basis vun der Nationalitéit oder dem Wunnsëtz verbitt, ausser dës Differenzéierung ass direkt duerch objektiv Krittäre gerechtfäerdegt.

Dëse Prinzip gouf zu Lëtzebuerg am Artikel 14[2] vum Gesetz vum 24. Mee 2011 iwwert d'Servicer am Bannemaart ëmgesat.

Dat heescht konkret, dass et net erlaabt ass, vu Bierger oder Residenten aus engem aneren EU-Land méi en héijen Tarif ze verlaangen, wéi vu Residenten oder Lëtzebuerger, well dat eng Diskriminatioun op Grond vun der Nationalitéit oder dem Wunnsëtz wier. Eng Differenzéierung däerf just gemaach ginn, wann se objektiv gesinn néideg ass, fir e legitimt Zil ze erreechen.

2. Huet de Ministère Kenntnis vu Fäll zu Lëtzebuerg – sief et am kulturellen, touristeschen oder Horesca-Secteur –**, wou Präisser explizit op Basis vun der Hierkonft oder der Residenz vum Client differenzéiert** ginn?

Dem Ministère sinn aktuell keng konkret Fäll bekannt, an deene verschidde Präisser op Basis vun der Nationalitéit oder Residenz gefrot goufen – weder am kulturellen, touristeschen nach am Horeca-Secteur. Dobäi sief bemierkt, dass Agente vun der Direktioun fir Konsumenteschutz systematesch um Terrain oppassen, dass d'Präisser anstänneg ausgeschëldert sinn.

**3. Wéi eng konkret Krittäre gëllen zu Lëtzebuerg als "objektiv Grënn", déi eng ënnerschiddlech Behandlung vu Clienten op Basis vun hirem Wunnsëtz justifizéiere géifen?**

De Grondprinzip ass deen, dass Diskriminatioun op Grond vun der Nationalitéit oder dem Wunnsëtz verbueden ass. Wann e Professionellen iwwert seng Präisser Leit diskriminéiert, läit d'Beweislaascht bei him fir nozeweisen, dass hien domadder e legitimt Zil verfollegt, an d'Moossnam gëeegent ass, dëst Zil ze erreechen, a néideg (et gëtt keng manner restriktiv Alternativ), a proportionéiert ass. D'EU-Kommissioun nennt beispillsweis als méiglech objektiv Grënn, héich Zousazkäschten (z.B. Transportkäschten), technesch oder infrastrukturell Besoinen oder zousätzlech Risiken oder Käschten am Kontext vu grenziwwerschreidende Servicer.

[1] Directive 2006/123/CE du Parlement européen et du Conseil du 12 décembre 2006 relative aux services dans le marché intérieur, https://eur-lex.europa.eu/legal-content/FR/TXT/?uri=celex:32006L0123.

[2] Loi du 24 mai 2011 relative aux services dans le marché intérieur, disponible sur le site Legilux.lu, https://legilux.public.lu/eli/etat/leg/loi/2011/05/24/n1/jo#chapitre_4.

Et gëtt op EU-Niveau keng ausféierlech Lëscht vun objektiven a justifizéierte Grënn, op déi de Professionellen sech bezéie kéint. Op eng Diskriminatioun rechten ass, muss vu Fall zu Fall gepréift ginn an am Aklang mat der Jurisprudenz vum Europäesche Geriichtshaff.

4. Wéi eng Handhab huet de lëtzebuergesche Konsumenteschutz, **fir** Lëtzebuerger Bierger ze ënnerstëtzen, déi am EU-**Ausland Affer vun esou engem "Dual Pricing" ginn, a wéi gëtt iwwerwaacht, datt dës Praktiken net zu enger schläichender Normalitéit zu Lëtzebuerg** ginn?

D'Direktioun fir Konsumenteschutz, huet keng Handhab iwwer auslännesch Betriber déi Lëtzebuerger Clienten, wann se am Ausland si, méi en héije Präis froe wéi hiren eege Leit. Falls esou eng Situatioun am Ausland sollt antrieden, sollen d'Leit sech un déi jeeweileg auslännesch kompetent Autoritéite wenden. Falls esou Praxissen zu Lëtzebuerg optauchen, sollen d'Leit dat onbedéngt der Direktioun fir Konsumenteschutz mellen, déi dann och weider Schrëtter an d'Weeër leede kann.

Lëtzebuerg, den 11/02/2026.

D' Ministesch fir Konsumenteschutz

(s.) Martine Hansen